Déi neiste Bäitreeg op dësem Site:

News

12.9.2016 Ënnerstëtzt d'Petitioun fir eis Sprooch!

12 **Sep** *2016*

(comments: 0)

http://chd.lu/wps/portal/public/PetitionDetail?action=doPetitionDetail&id=771

Mir sinn ganz skeptesch wat Petitiounen ugeet, well nëmmen mat ganz groussem Effort kritt een déi 4.500 Stëmmen zesummen. (ausser et ass eng Petitioun iwwer Déieren well Leit vun alle politeschen Richtungen Déieren gären hunn ;)).

Mee mir wëllen och net dass d'Petitioun keng Stëmmen kritt an dann gesot gëtt: "Gesi der, keen interesséiert sech fir eis Sproch."

Read more … 12.9.2016 Ënnerstëtzt d'Petitioun fir eis Sprooch!

11.9.2016 Ënnerstëtzt d'Lëtzebuerger Sprooch an gitt Member vun der Actioun Lëtzebuergesch!

12 **Sep** *2016*

(comments: 0)

Hei ass de Link mat den Kontaktinformatiounen: http://www.actioun-letzebuergesch.lu/contact.html

Wëll Dir Iech asetzen fir eis Sprooch? De Wee2050 schléit Iech fir Member ze ginn bei der Actioun Lëtzebuergesch, déi sech säit 1971 fir eis Sprooch asetzt.

D'"Actioun Lëtzebuergesch Eis Sprooch a.s.b.l." ass eng parteineutral Associatioun mam Ziel fir eiser Sprooch op jidder verstänneg Fassong ze hëllefen, an hir iwwerall do déi Rechter ze verschafen, déi si zegutt huet.

An de leschte 45 Joer huet d'Actioun Lëtzebuergesch sech zum Beispill mat vill Succès dofir agesat, dass d'Lëtzebuerger Sprooch 1984 am Gesetz unerkannt ginn ass an dat souwuel als National- wéi als Amtssprooch. Weider huet si sech agesat fir dass déi lëtzebuergesch Nimm vun den Uertschaften op d'Schëlter stoen komm sinn, dass et lëtzebuergesch Annoncen an den Zeitungen ginn an dass z.B. op den Euromënzen "Lëtzebuerg" amplaz vun Luxembourg steet...

Read more … 11.9.2016 Ënnerstëtzt d'Lëtzebuerger Sprooch an gitt Member vun der Actioun Lëtzebuergesch!

25.8.2016 De Fernand Fehlen behaapt: Eis Sprooch ass vill méi present wéi virun 10 Joer

25 **Aug** *2016*

Am Interview mam Quotidien behaapt den Sproochesoziolog vun der Uni Lëtzebuerg, Fernand Fehlen, dass eis Sprooch vill méi present wier wéi virun 10 Joer.

Mir froen eis wou den Här Fehlen sou eppes behaapten kann an fuerderen Beweiser!

Mir géifen gär eng ëffentlech Debatt mam Här Fehlen féieren zum Thema Sprooch!

Hei ass de ganzen Interview:

http://www.lequotidien.lu/politique-et-societe/fernand-fehlen-assumer-le-luxembourgeois-en-tant-que-langue/

---------->>>>>>> Hei ass de Pressecommuniqué

Read more … 25.8.2016 De Fernand Fehlen behaapt: Eis Sprooch ass vill méi present wéi virun 10 Joer

10.8.2016 Déi offiziell Sproochesituatioun zu Lëtzebuerg

10 **Aug** *2016*

(comments: 0)

Déi offiziell Sproochesituatioun zu Lëtzebuerg:

1. Zu Lëtzebuerg gëtt et keng "offiziell" Sprooch.

2. Et gëtt eng Landessprooch (Nationalsprooch): Lëtzebuergesch.

3. Et ginn DRÄI gläichberechtegt ADMINISTRATIV SPROOCHEN: Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch. Dës Sproochen kënnen am Kontakt mat den Administratioune benotzt ginn. Déi 3 administrativ Sproochen sinn och d'Sproochen, déi ee viru Geriicht benotze kann.

4. D'Gesetzer sinn op Franséisch geschriwwen.

Read more … 10.8.2016 Déi offiziell Sproochesituatioun zu Lëtzebuerg

9.8.2016 The official language situation in Luxembourg

09 **Aug** *2016*

(comments: 0)

The official language situation in Luxembourg:

1. In Luxembourg, there is no "official" language.

2. There is ONE NATIONAL LANGUAGE: Luxembourgish.

3. There are THREE equal ADMINISTRATIVE LANGUAGES: Luxembourgish, German and French. These languages can be used to communicate with the administrations. The 3 administrative languages are also officially recognized as languages in court.

4. The laws are written in French.

Read more … 9.8.2016 The official language situation in Luxembourg